adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 1. Juli 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Et kënnt vir, datt de Procureur e Beruffsorgan dozou opfuerdert, disziplinaresch Moossname géint ee vu senge Memberen anzeleeden. Dëst schéngt beim Conseil de l'Ordre des avocats, bei der Chambre des Notaires a bei der Chambre des Huissiers de Fall ze sinn.

An dësem Kontext wéilt ech dem Här Minister gär folgend Fro stellen:

1. Kann den Här Justizminister soen, wéi heefeg an de Joren 2008 bis 2018 (Joer fir Joer) esou Initiative vum Procureur vun de Bezierker Dikrech a Lëtzebuerg an deenen dräi uewe genannte Beruffsgruppe jeeweils ageleet goufen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten